

LOKAL CHARTA FIR D'ZESUMME- LIEWEN



Zu Diddeleng gëtt eng gutt Liewensqualität groussgeschriwwen an et gëtt vill Wäert op e friddlecht Zesummeliewe geluecht. All Generatioun huet hir Plaz a jiddereen*^t ass wëllkomm! Fir dass dat och esou bleift, d'Leit weiderhi gutt zesummeliewen a Wäert ob e géigesäitegt Verständnis leeën, ass dës lokal Charta fir d'Zesummeliewen ausgeschafft ginn.

Dës Charta ass am Optrag vum Schäff*innerot, vum *Service Ensemble Quartiers Dudelange* vun Inter-Actions a.s.b.l. a vum *Service à l'égalité des chances* vun der Stad Diddeleng zesummegeallt ginn. D'Inhalter vun der Charta goufen an engem participative Prozess gesammelt, an dem verschidde Kommissiounen, d'Responsabel vun alle Gemengeservicer an den Diddelenger Biergerpanel zum Zesummeliewe befragt gi sinn. D'Charta rassembléiert d'Iddie vun all dëse Mënschen, wéi d'Zesummeliewen hei gelénge kann.

All Mënsch soll sech an onser Stad wuelfille kënnen an all Persoun dréit hiren eegenen Undeel bäi, dass mir all zesummen an enger respektvoller Gemeinschaft liewe kënnen. Nëmme zesumme kënnen mir déi Gesellschaft gestalten an där mir liewe wëllen.

All Awunner*inne vun Diddeleng sinn invitéiert, dës Charta ze ënnerschreiwen. D'Ënnerschrëft symboliséiert d'Engagement vun der Persoun, aktiv hire Bäitrag zum friddlechen Zesummeliewen ze leeschten. An Zukunft gëtt et bei verschidde Evenementer an eiser Stad, a besonnesch do wou Mënsche sech begéine kënnen, d'Méiglechkeet d'Charta ze ënnerschreiwen. D'Datumer wéini a wou dat wäert sinn, ginn op eisem Website annoncéiert:

[Charte locale du vivre-ensemble – Ville de Dudelange](#)

LOKAL CHARTA FIR D'ZESUMMELIEWEN

Als Awunner*in vun der Stad Diddeleng droen ech selwer aktiv dozou bäi, dass hei all Mënsche friddlech a gutt zesumme liewen.

RESPEKT AN TOLERANZ

- 1) Ech consideréiere meng Matmënschen an all hiren Ähnlechkeeten a Verschiddenheeten als gläichberechtigt a gläichwürdeg - onofhängeg vun hirer Nationalitéit oder Origine, Relioun, Geschlecht a sexueller Orientéierung, méiglecher kierperlecher, mentaler oder gesondheetlecher Beanträchtegung - an erkennen dës Vielfalt als Chance un.
- 2) Ech engagéiere mech meng Matmënsche frëndlech, respektvoll an héiflech ze begéine well och ech esou wëll behandelt ginn.

- 3) Ech engagéiere mech bei Konflikter den Dialog ze sichen, meng Meenung éierlech ze soen, an se am géigesäitege Respekt ze léisen. Wann dat net méiglech ass, informéieren ech mech wou ech Hëllef an där Saach ka fannen
- 4) Ech respektéieren d'Privatsphär vun deenen aneren.
- 5) Ech si mir menger Verantwortung bei der Benotzung vun de soziale Medie bewosst a posten nëmmen Inhalter wou ech d' Erlabnis hunn an déi kengem anere kënnen schueden.

GEMEINSCHAFT

- 6) Ech weess de Wäert vun enger gudder Noperschaft ze schätzen an engagéiere mech mengen Nopere Hëllef unzëbidde wann des gebrauch gëtt.
- 7) Ech engagéiere mech a mengem Quartier, an droen dozou bäi d' Liewensqualitéit oprecht ze erhalen oder ze verbesseren.
- 8) Ech informéiere mech iwwer öffentlech Veranstaltungen oder Veräinsaktivitéiten zu Diddeleng a gesinn se als Méiglechkeet un fir Kontakter ze knäppen an ze fleegen.
- 9) Ech huele Récksiicht op meng Matmënschen.
- 10) Wann ech Gewalt materliewen oder gesinn, kucken ech net ewech a sichen Hëllef.
- 11) Wann ech de Verdacht hunn, dass eng Persoun a Gefor ass, ruffen ech Hëllef.

NOHALTEGKEET

- 12) Ech engagéiere mech, méiglechst vill Strecken ze fouss ze goen, de Vëlo ze huelen oder den öffentlechen Transport ze benotzen.
- 13) Ech ënnerstëtze lokal Geschäfte a Firmen andeems ech se fir Akeef an Déngschtleschtunge consideréieren an notzen.
- 14) Ech informéiere mech iwwer d'Offer vu lokale Servicer an Institutiounen a gräifen op dës zeréck wann ech hir Servicer brauch.
- 15) Ech engagéiere mech op d'Natur an d'Ëmwelt opzepassen, se ze schounen an se aktiv ze schützen. Ech praktizéieren Offalltrennung an Offallvermeidung an notzen d'Ressourcë méiglechst energiespuerend.
- 16) Ech beméie mech bei der Bepflanzung vu mengem Gaart a mengem Balcon d'Biodiversitéit ze förderen.

ÖFFENTLECHEN A PRIVATE RAUM

- 17) Ech si mat verantwortlech fir den Erhalt vun der kommunaler Infrastruktur. Ech fleege mäin Terrain, meng Wunneng a mäi Besetz sou, dass et fir eis alleguer propper a sécher ass.

- 18) Ech notzen ëffentlech Strukture wéi se geduecht sinn, hannerloossen se propper a wäertschätzen d'Aarbecht vun all deene Leit déi dës Infrastrukture fleegen.
Bei Froen oder Réckmeldunge wenden ech mech direkt un déi zoustänneg Servicer.
- 19) Ech informéiere mech iwver lokal Reegelingen a geltend Gesetzer (zum Beispill Kaméidi, Offall a Sperrmüll, Déierenhaltung, Verkéier, Bauten) an hale mech dorun.

*De Schännerot
Dan Biancalana, Buergermeeschter
Loris Spina, René Manderscheid, Josiane Di Bartolomeo-Ries,
Claudia Dall'Agnol, Schäff*innen*